

Déi gutt al Zäit oder



Lukas Cranach d. Ä.: Adam und Eva im Garten Eden

Ëmmer nees gëtt vun der gudder aler Zäit geschwat an et gouf och well dacks driwwer geschriwwen. Huet emol d'Bibel, déi jo méi wéi eng Kéier op vill méi al Legenden a Mythen zréckgräift. Do geet riets vun der Ufankszäit, a vun deeër heescht et, datt deemools d'Mënschen, d'Déieren an d'Planzen zesummen a Fridden am Paradäis gelieft hätten. Dat kléngt wonnerbar, ma esouguer als Kand konnt ech net esou ganz dru gleewen, well ech mech gefrot hunn, wat d'Léiwen da giess hätten. Bestëmmt hunn déi sech dach net mat engem Blat Zalot zefridde ginn.

Nujee, et sief dann, well deen idylleschen Zoustand huet jo net laang ugehal, an d'Léiwe konnte vun do un, ouni Rei a Leed ze erwecken, emol e Scheefche friesen. An de Kain huet och kuerz drop ouni laang Fisematente säi Brudder ermëlt. Domat war d'Bibel dann an der rauer Wierklechkeet ukomm, an d'Israeliten hunn der däermoosse gestëbst, datt lahwé se mol siechzeg Joer laang an d'babylounesch Gefaangeschaft geschéckt huet. Esou gutt waren déi al Zäiten an Israel also net.

Ma och d'Réimer hunn un déi Seeche gegleeft. Den Ovid behaupt a senge „Metamorphosen“, et hätt véier Zäitalter ginn. Dat éischt dervu war dat gëllent:

Aurea prima sata est aetas, quae, vindice nullo, Sponte sua sine lege fidem recitumque colebat.

(Dat éischt Zäitalter, dat gëllent, war esou erschaaft, datt et ouni Geriicht, vu sech aus an ouni Gesetz d'Trei an d'Gruedheet gefleegt huet) E bësse méi wäit heescht et, datt et kee Militär gouf, d'Leit net hu bräichen ze schaffen, d'Äerd vu sech aus Friichte gedroen huet, et éiweg Fréijor war, an esou weider, an esou fort.

Leider koum drop dat sëlwert Zäitalter, wou et well licht manner flott war. Ma du mam stolenen, an zu gudder Lescht mam eisernen Zäitalter goug alles d'Baach an. Ech héieren nach de Bourgs Tun mat senger onvergiesslecher, sonorer Stëmm deklaméieren: *Lurida terribiles miscent aconita novercae; Filius ante diem patrios inquiri in annos.*

(D'Stéifmamme mësche grujelech bleech Gëfter; De Jong fuerscht virun der Zäit nom Papp senge Joren. Op gutt

Lëtzebuergesch: *E freet ob den Alen net bal zeideg ass fir ofzekrazen*)

Also, och do, déiselwecht Seeche vun der gudder aler Zäit. Fir d'éischt: alles am Botter, jiddereen hëlleft deem aneren, d'Noper verstet sech, an der Famill gëtt et kee Sträit. Duerno: rapp a klapp, jiddereen ass dem Noper säin Däiwel, et setzt een engem de Fouss, wou a wann et nëmme geet. Ass dat nun awer wouer, oder hunn d'Dichter et net esou genee mat der Wouerecht geholl? Hu si wëllen hir Lieser bedréien? Hu si vläicht iergend e reliéist oder politescht Motiv derfir gehat?

Ech mengen net onbedéngt, well eppes steet fest: Mat der Zäit huet jiddereen vun eis d'Tendenz déi schlecht Souveniren ze vergiessen. Doduerch erschéngt dann op eemol alles vu gëschter a virgëschter an engem gëllene Liicht. A well de Mësch sech gäre bedréit, gleeft en zu gudder Lescht un déi Seeërcher, déi e sech selwer erzielt.

Am Geschichtscours hunn ech ëmmer menge Schüler gesot, datt zanter de gudden alen Neandertaler op reng mënschlech Gebitt näischt wierklech Neits erfونت

eng besser nei?

gi wier. Dat gleewen ech och nach haut. Fundamental huet de Mënsch an all deene Jordausenden net geännert, an déi sougenannt Zivilisatioun ass nëmmen en hoerdënne Vernis, deen een am Eeschtfall séier ewechgekraazt kritt. De Luis Bunuel huet dat a sengem Film „L'ange exterminateur“ wonnerbar duergestallt: Eng hüppéiert Gesellschaft kënn fir e schicken Dîner zesummen. Ma wéi se wëllen heemgoen, kënn kee méi aus dem Haus eraus. Fir d'éischt geet alles gutt, ma no an no verléiere si hir gutt Manéieren, an iwwreg bleift eng Kompanie vun egoisteschen, verkommene Barbaren, wou een deem anere säi Feind ass. Dem Sartre säi „Huis clos“ erzielt op seng Manéier datselwecht. D'Mënschheet schéngt also net besser ze sinn ewéi d'Raten. Späert een deeër zevill zesummen an e Käfeg, fänke s'un eng déi aner unzegräifen an opzefriessen.

Sinn dës schwaarz Visiounen nun awer déi eenzeg richteg a wierklech Realitéit? Ech mengen net, well et kann een och déi néideg Géigebeispiller fannen. Positiv an Negativ hunn nach ëmmer zesummegehéiert.

Huele mer e Beispill aus dem Mëttelalter, wou d'Pescht besonnesch am 14. Jorhonnert, – dem Jorhonnert vun de Lëtzebuerger wéi et genannt gëtt –, d'Mënschen a Massen ëmbruecht huet. Do gouf et der natierlech, déi di Doudeg ausgeraibert, hinnen ouni Schimt e gëllene Rank nach mam Fanger drun erofgeschnidden hunn. Dem Ingmar Bergman säi Film „Dat siwent Sigel“

weist genee, wéi esou e Personnage virgeet. Ma donieft gouf et awer och déi sougenannte „Confréries“ vu Leit, déi sech zesummedinn hu fir de Kranken ze hëllefen, an déi Doudeg anstänneg ze begruewen. Déi Confréries hunn esouguer deelweis bis haut iwwerlieft, an hir Membere gesäit een um Karfreideg an de grouse Prässiounen a verschiddene spuenesche Stied mat hire wäisse, rouden oder bloe Mäntel an de spatze Kapuzenhitt duerch d'Stroosse marjéieren. Zu Siena sinn ech an der Mëttesstonn, wann nëmme méi „cani e Tedeschi“ op der Gaass sinn, e puer esou schwaarze vermummte Personnage begéint, déi e Sarg gedroen hunn. Ech sollt e Schlag kréien, ma si hu just nëmmen hire frommen Déngscht gemaach, genee wéi virun honnerte vu Joeren.

Hei sief bemierkt, datt dës Confréries op reliéiser Basis opgebaut waren a funktionnéiert hunn. Haut gëtt zevill dacks nëmmen dat Negativt vun der Kierch ervirgehuewen. Ëmmer erëm gëtt iwwer d'Inquisitioun geschriwwen, sech iwwer déi pädophil Geeschlech opgereegt, an dobei vergiess, datt jorhonnertelaang et jo souzosen eleng nëmmen d'Kierch war, déi sech ëm déi Al, déi Krank, d'Weesekanner, d'Prisonnéier an och ëm d'Schoulwiese gekëmmert huet. Den europäesche Staaten an deene meeschte Laien waren déi Domänen esou laang ewéi breet. Et ass d'uechzëngt Jorhonnert, mat de Philosophen, dat lues a lues op déi terribel sozial

Mësstänn higewisen huet. Déi Zäit hu sech och déi éischt komplett vun der Kierch onofhängeg Klibb gegrennt, déi jo spéider an der franséischer Revolutioun esou eng wichteg Roll gespillt hunn.

Nieft deene reliéise Confréries gouf et natierlech och d' Corporatiounen, déi net direkt reliéis ausgeriicht waren, ma geduecht, fir déi verschidden Handwierksorten ze reglementéieren. Si sollten awer och hire Membere an schwéiere Lieweslagen hëllefen a si ënnerstëtzen. Déi stoungen da méi staark zesummen do, wann iergend en adlegen oder geeschtlechen Här engem vun hinnen ze no getratt ass oder se verfollegt huet. Op déi Manéier ware si an engem gewësse Sënn d'Virleefer vun de Gewerkschaften. Zu gudder Lescht hunn d'Corporatiounen awer och fir d'Gesellegkeet ënnert hire Membere gesuergt. Mer denken do un d' „Meistersinger“ an un den Hans Sachs. Esouguer wann de Geck mat hire „Knüttelverse“ gemaach gouf, esou war et dach wonnerbar, wéi einfach Handwierker sech zesummedinn hunn, fir eppes Schéines am net ëmmer ganz rosegen Alldag ze schafen.

An dat bréngt eis natierlech direkt bei déi vill, ganz vill Gesangveräiner, Fanfaren, Theatertruppen, Sammlerklibb, déi mer hei am Land haten an nach deelweis hunn. Och déi fräiwëlleg Pompjeeën, d'Leit vun der Protection civile, d'Malteser, déi hire Matbiereger zu all Stonn vum Dag a vun der Nuecht hëllefen ouni dee mannste Loun derfir ze froen, gehéieren derzou. Datselwecht gëlt an engem gewësse Sënn fir de Scoutissem, deen esouguer iwwer d'Grenzen ewech Frëndschafte schafft.

Bei all deene Klibb gouf a gëtt eng Gesellegkeet gefleegt, bei deeër all gesellschaftlech Barrière falen. Do gëtt jo net nëmmen zesumme gesong, getrotet, gespillt, gesammelt, gehollef, ma iwwer Gott an d'Welt diskutéiert, dacks beim Patt, deen derno d'Strass uelegen oder d'Kräften erneiere muss. Esou entsteet muenech Frëndschaft, déi e liwelaang hält. Och dës oder déi Houchzäit huet do hir Wuerzelen.

Ma all déi Klibb kloen hautesdaags iwwer Nowuesssuergen. Vill dervu päifen um leschte Lach, eng ganz Rei sinn der well an deene leschte Jore verschwonn. Wann ech gesinn, wéi et zanter 1968 beim Gaasperecher Kierchechouer gang ass, dann hunn ech en trauregt Beispill vrun Aen. Deemools stoungen all Sonndes eng ganz Rei jonk Männer (et war de Stack vun de „Rimos“, ma wee kennt déi nach?) um Ducksall. Haut stinn nach e puer Bope vir am Chouer a si frou, datt zanterhir och Fraen dierfe matsangen. Och bei deene feelt d'Jugend. A spéits-tens zéng Joer ass alles eriwuer, ma dann

Rue du Saint-Esprit, 1952



Pol Aschman © Photothèque de la Ville de Luxembourg

Déi gutt al Zäit oder eng besser nei?



Guy Hoffmann

ass souwisou och kee méi ënnen an der Kierch, déi da wuel als Disco oder Supermaart ka gebraucht ginn.

Vill besser gesäit et, wéi gesot, niergends an a kengem Klub aus. Wann et heescht sech ze engagéieren, wénken eis Matbierger – a besonnesch déi Jonk – Rauten. Mer kloer gär, mer meckeren nach léiwer, mer kennen och dausend an eng Methoude fir alles besser ze maachen, ma fir eng Hand mat unzepaken, duerfir hu mer keng Zäit.

Well viru fënnefavierzeg Joer hunn ech dat erlieft. Do war ech fënnef Joer laang President vun der APSS. Deemools hate mer nobei 800 Memberen. A wéi Der wësst, sinn d'Professere Leit, déi gären a vill diskutéieren, kregéilen, an et besser wëssen. Direkt nodeem ech gewielt war, koum e Kolleg op mech zou: „Bravo, Raymond. Elo maache mer de Werner emol richtig fäerdeg.“ Ausser dësem markante Sproch, huet dee Gudden, an deene fënnef Joer derno, ni méi eppes vu sech héiere gelooss. Vun aachthonnert Mann konnt een op eng gutt Dosen zielen. Déi aner waren ëmmer zevill beschäftegt. Si hätte jo gär... ma mam beschte Wëll, Du weess jo...

Haut ass et nach méi schlëmm. War deemools nach bal jidder Professor wéinstens Member vun der APSS, hunn der haut ewell eng ganz Rei iwerraupt emol keng Memberskaart méi. Hinnen ass all Syndikalismus wurscht. Si kréien all Mount eng anstänneg Pai, donieft huet hir Fra gewéinlech och nach hir, a fir de Rescht sinn d'Elteren do fir anzesprangen an nozehëlfen, sief et och nëmme fir d'Kanner ze versuerge, wann d'Crèche zou ass, oder se net wëllt, well se krank sinn.

E lescht Beispill sief mer nach virum Schluss erlaabt.

Ech gehéieren zu deenen, déi den zweete Weltkrich nach voll erlieft hunn. Bannent deene puer Joren huet eng Majoritéit vun de Lëtzeburger wierklech zesummegehal. Dat ass keng Seechen a keng Fapp, an huet näischt mat engem „gëllenen Zäitalter“ ze dinn. Meng Elteren haten zu Clierf – grad ewéi honnerte vun anere Familljen – der Rei no e puer Refraktäre verstoppt. Méi wéi eng Kéier hätt eng Nopesch oder en Noper si kënne verrodene, well déi Jongen waren net ëmmer virsiichteg, a mäi klunge Brudder hat sech och emol verplappert. Et ass ni eppes gesot ginn. Anersäits, well alles rationnéiert war, si meng Eltere réigelméisseg an d'Dierfer hamstere gaang. Souzesoen ni huet e Bauer si eidel weiderzéie gelooss. Natierlech goufen et och déi sougenannt Gielemännercher, Collaborateuren an – besonnesch geféierlech – Ushësser. Ma ech ka soen, datt dat eng kleng Minoritéit war. An déi goufen och well am Krich selwer vun deene meeschte Leit wéi krätzig Honn behandelt. Zu gudder Lescht awer, wéi d'Rundstedtoffensiv Clierf iwerrannt huet, huet sech méi wéi jeemools virdu gewisen, wat Nächstelëift an Zesummestoe wier. D'Famill Wilmes vun der Gare huet an engem Fielskeller hannert hirem Haus méi wéi honnert Leit opgeholl, a sechs Woche laang derfir gesuergt, datt se net erkaalt an net erhingert sinn, esouguer wann um Enn d'lessen elle knapp gouf.

Wéi awer gesäit et haut aus?

Wann een d'Zeitunge liest, a kuckt, wéivill fir allerlee Zorte vu gudder Wierker

gespent gëtt, da kann ee sech nëmme wonneren. Esouguer wann offiziell iwerrall vu Kris geschwat gëtt, sou bleiwen d'Lëtzeburger terribel mëtschgiweg. Mir féieren d'Lëscht vun de Länner un, déi am meeschte fir d'Drëtt Welt (an net nëmme fir déi) spendéieren. All Joer komme Milliounen Euro zesummen. Solidaritéit besteet also och haut. Ma leider gëtt se sech meeschtens mat Suen zefridden. De perséinlechen Asaz ass a gëtt rar. Kee méi huet Zäit. Alles rennt permanent gehetzt dorëmmer, an dach kënnt net vill derbei eraus

Wat ass d'Haaptursach heivun? Menger Meenung no huet d'Elektronik, eng enorm, wann net esouguer total Ännerung an der Gesellschaft mat sech bruecht, déi all Zesummeliwen a Fro stellt, an och d'Kränkt vun all de Klibb einfach a séier erkläert.

Gitt an e Restaurant oder setzt iech un de Familljendësch a kuckt déi Jonk. No knapps fënnef Minutten huet jiddere säin Handy oder iergend soss eng elektronesch Spillsaach am Grapp a klumpert do drop erëm. De Rescht vun der Gesellschaft ass hinne schnuppe wurscht egal. Dir Bop setzt do, vergiess a verlooss, eleng. Kee këmmert sech ëm iech. Ma net nëmme dir sidd onsiichtbar. Och tëschent deene Jonke besteet keng Kommunikatioun méi. Jiddere leeft a sengem Universum. D'ganz Welt kann ënnergoen, si mierken et net. Heiansdo gëtt dat richtig lächerlech. Ech hu well gesinn, datt zwee Jonker (soi-disant Verléiffter) am Restaurant um selwechten Dësch souzen, an aplaz mateneen ze schwätzen, een deem aneren en SMS geschéckt hunn. Computerwelten ersetze bei ville Jonken d'Wierklechkeet. Vill méi schlëmm awer ass, datt déi Kricher, déi do geféiert ginn, déi masseg Männercher, déi een do ouni Utsch a Wéi kann ëmleeën, keen Ënnerscheid méi maache mat der Wierklechkeet. Vill vun deene Jonken, déi elo no Syrien oder dem Irak fueren, mengen déi Kricher dohanne géife genee esou einfach lafen ewéi déi um Computer. Derbäi kënnt nach, datt déi Propaganda, deeër s'op de Läm ginn an hinnen eng Gehirwäsch verpasst, och nees op elektroneschem Wee verbreet gëtt.

Duerfir, esou praktesch och de Computer ass, esou onheemlech Fortschreiter d'Elektronik op alle Gebitter bréngt, sou besteet keen Zweifel, datt duerch si déi tëschemenschlech Relatiounen drop an dru sinn ze verkrëppelen, an déi ganz seriös Gefor besteet, datt tëschent dem Mënsch an der Maschinn keen Ënnerscheid méi bestoe bleift. Zu gudder Lescht liewen dann op dëser Welt nëmme méi Roboter niefteneen, a keng Mënsche méi mateneen.

Raymond Schaack